ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juni 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'Postgesetz vum 15. Mäerz 2016 gesäit a sengem Artikel 24 vir, datt de Regime vun den Postagente entweder ëffentlech oder privat ass. Dozou wëll ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi vill Leit beschäftegt d'Post aktuell a wéi vill vun deene sinn am ëffentlechen oder am private Statutt?
2. Wéi war déi Verdeelung virun 10 Joer a wéi ass d'Entwécklung geplangt?
3. Wéi vill Agenten huet d'Post ënnert dem neie Gesetz rekrutéiert, wéi vill dovunner am ëffentlechen a wéi vill am private Statutt?
4. Gesäit d'Regierung – besonnesch och am Kontext vun engem Service universel – Postaktivitéiten, déi nëmme vu Staatsbeamte kënnen assuréiert ginn a wéi eng sinn dat?
5. Ass d'Regierung wëlles, an der Post e gesonden Ekiliber tëscht Agenten am ëffentlechen a private Statutt ze halen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten